ACEL
de Studentevertrieder

Pressecommuniqué

Student fir 1 Dag – Entdeck deng Uni

Schülerreese vun der ACEL

Du wëlls wësse wat dech op der Uni erwaart? Dann sief Student fir 1 Dag a géi mat op eng vun den Dagesreesen an déi verschidden Universitéitsstied organiséiert vun der ACEL zesumme mat Voyages Emile Weber. Looss dir d'Uni, de Campus an d'Stad selwer vun de lëtzebuergesche Studenten op der Platz weisen an erklären.

Esou steet eng Visite vun der Uni, oder vun den Uni'en a vun deene wichtegste Gebaier vum Campus, ewéi d'Bibliothéik, d'Hörsäll oder nach d'Administratioun, um Programm. D'Visite gëtt meeschtens mat engem lessen oder engem Patt am Stamm-Restaurant/Café vum jeeweilege Cercle ofgeronnt. Natierlech gëtt während dem ganzen Dag op all méiglech Froe geäntwert an et entsteet ee gudden Austausch tëschent Schüler a Studenten.

Dacks steet een als Schüler kuerz virum Ofschloss vum Lycée an et weess een net wéi déi eegen Zukunft soll ausgesinn. De Projet «Student fir 1 Dag» ass dofir eng eemoleg Geleeënheet, eng Uni an hier Stad op eng Aart a Weis kennen ze léiere wéi keng aner. Et huet ee soss néierens d'Chance seng villäicht zukënfteg Uni besser kennen ze léiere wéi an der Stad selwer zesumme mat Studenten déi och schonn do studéieren.

Umelle kann een sech iwwer www.acel.lu/sf1d. Hei ass ee Formular ze fannen, deen een ausgefëllt mat enger Kopie vun der Carte d'Identité an enger Autorisation Parentale un reception@vew.lu schécke muss.

Weider Informatiounen zu de Reese ginn et um Internetsite www.acel.lu/sf1d, via contact@acel.lu, an natierlech och op der ACEL-Facebook-Säit.

Pol Lutgen
Vize-President Informatioun

ACEL · Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois | contact@acel.lu · www.acel.lu

+352 691 420 538 | Président
+352 691 420 539 | VP Information
+352 691 420 540 | Secrétaire

BP 63 · L-7201 Bereldange
87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000
CCPL LU94 1111 0915 5887 0000
No RCS F969

SPUERKEESS

Destinatiounen a Präiser

Bréissel	26.03.2016	39€
Bonn	30.03.2016	39€
Karlsruhe	31.03.2016	39€
Léck	01.04.2016	39€
Düsseldorf	02.04.2016	39€
Tréier	04.04.2016	20€
Frankfurt	05.04.2016	39€
Oochen	06.04.2016	39€
Köln	07.04.2016	39€
Kaiserslautern	08.04.2016	39€
Stroossbuerg	09.04.2016	39€